



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam TANSON, Justizminister an vum Här Henri KOX, Minister fir bannezeg Sécherheet, op d'parlamentaresch Fro n°7443 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert déi organiséiert Heescherei

Ad Fro 1)

Den folgenden Tableau enthält fir d'Joren 2019 - 2022 d'Unzuel vun Faite vun Heescherei, wou d'Police Protokoll erstellt huet, woubäi muss präziséiert ginn, dass d'Statistiken fir d'Joer 2022 nach net komplett ofgeschloss sinn.

Et sief bemierkt, dass déi Protokollen sech op d'Artikelen 382-1 an 342 vum Code pénal baséieren, déi verschidde Formen vu Heescherei ënner Strof stellen, awer net méi d'"*mendicité simple*".

Joer	2019	2020	2021	2022
Total	12	42	35	7

Ad Fro 2)

Bedéngt duerch déi kleng Unzuel vu Faiten, woubäi an de Joren 2020 an 2021 de Maximum vu Faiten, déi an där selwechter Uertschaft festgestallt goufen, just bei 5 läit, ass et statistesch-relevant net eraus ze zéien, wat fir Uertschafte besonnesch vum Phenomen vun der Heescherei betraff wieren.

Ad Fro 3)

D'Datebanken vun der Police an den Justizautoritéiten erlaben et net automatiséiert erauszefannen, ob am Kader vun der Heescherei och eng Plainte wéinst Belästegung, Bedrohung oder kierperlecher Gewalt virläit, respektiv ëmgedréint.

Ad Froen 4) an 5)

Tëscht der organiséierter Heescherei an dem Mënschenhandel existéiert en enken Lien, dofir ass säit 2014 d'Heescherei ënner verschidden Konditiounen als eng Form vun Mënschenhandel am Code pénal unerkannt.

Säit 2020 leeft de plan de recutement extraordinaire, dee virgesäit op 3 Joer 600 Polizisten an 240 Zivilisten ze rekrutéieren, esou datt d'Personal vun der Police a kierzester Zéit em bal 30% klëmmt an eng méi grouss Visibilitéit a méi staark Présens vun der Police um Terrain op laang Siicht erméiglecht ginn.

Et sief awer betount, dass all Beräicher vun der Police gestärkt ginn an dëse massive Rekrutement net als Äntwert op eng spezifesch Problematik ze gesinn ass.

Lëtzebuerg, den 6 Februar 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson